Eis Visioun:

Ee Liewen ouni Gewalt an enger Gesellschaft an där jiddereen.t gläich ass.

Sozial Ongläichheeten an Aarmut suerge fir Spannungen an Onzefriddenheet bei de Leit. Op der Aarbecht, um Wunnengsmarché, an der Schoul am normalen Alldag fillen sech vill Leit ongerecht behandelt an diskriminéiert par rapport zu hirer finanzieller a sozialer Situatioun, hirer Hierkonft an hirer Hautfaarf, hirem Geschlecht, hirer sexueller Orientéierung, hirem Alter an hirem Handicap.

déi Lénk wëlle jidderengem d'Méiglechkeet gi rechtlech géint Diskriminatioune virzegoen. Mir wëlle Gesetzer schreiwen déi nei Rechter schafen. Rechter déi zu Gläichberechtegung a Selbstbestëmmung vun allen Awunner.inne féieren.

Mir wëlle gläichgeschlechtleche Koppelen d'Recht op eng automatesch Unerkennung als zweeten Elterendeel ginn, well eng Famill dat ass net just eng Mamm ee Papp a Kanner.

Mir wëlle Gewalt géint Fraen an LGBTIQ+ Persoune stoppe mat engem Mesurëpak deen op Preventioun, Zougang zu rechtleche Mëttel an d'Aschutzhuele vun Affer vun haislecher Gewalt opbaut.

Eist Zil ass jidderengem ee Liewen ouni Gewalt ze erméiglechen an enger Gesellschaft an där jidderee gläich ass.

déi Lénk trieden an fir:

- **Gläichberechtegung an Egalitéit.**
- **En Aktiounsplang géint Gendergewalt a Feminiziden.**

Patriarchalesch Gewalt – Feministeschen Noutstand.

60 % vun den Affer vun haislecher Gewalt si Fraen. Iwwerall op der Welt gi Fraen ëmbruecht vun hirem Partner oder Ex-Partner. Des Gewalt ass spezifesch géint Frae geriicht. De Feminizid ass de fatalen Ausdrock vu Fraenhaass a männlecher Dominatioun. Gewalt géint Frae grad eléi och Aggressioune géint LGBTIQ+ Persoune gëllen als op Gender baséierend Gewalt a gi vum selwechten Iwwel aus: dem Patriarchat.

déi Lénk gesinn een Aktiounsplang vir, fir des Gewalt ze stoppen. Dorënner falen:

- ***Ee Kadergesetz géint Genderspezifesch Gewalt***
- ***En Tribunal dat sech just mat haislecher Gewalt befaasst***
- ***Ee vereinfachte System fir d'Ophuelen an de Suivi vu Plainten***
- ***Eng gratis Assistance judiciaire***
- ***Ee spezielle Budget fir d'Schafe vu Fraenhaiser a Wunnenge fir Affer vun haislecher Gewalt***
- ***D'Aschreiwung vum Feminizid an de Code Penal***

Une vie sans violence.

Le texte en français ici:

déi Lénk

Imprimé au Luxembourg. Impression climatiquement neutre. Illustration © Antoine Grimée

Fir wat déi Lénk stinn:

Ee Liewen ouni Gewalt.

5 ALLES ZE GEWANNEN.

2023.dei-lenk.lu

déi Lénk

De Constat.

Gewalt géint Fraen an LGBTIQ+ Persoune gëtt net genuch an Zuele gefaasst.

Eng rezent Etude huet gewisen dass am Joer 2019/2020 zu Lëtzebuerg 20% vun de Fraen tëschent 16 a 74 Joer scho mol Affer vu physescher, sexueller a psychologescher Gewalt waren. Zu Lëtzebuerg gëtt et allgemeng ee Manktem un Enquêten a präzisen Donnéeën iwwer de Kontext an den Ausmooss vu genderspezifescher Gewalt. Ouni des Informatiounen ass et schwéier déi richteg Mesuren auszeschaffe fir des Gewalt effikass ze stoppen.

Affer vun haislecher Gewalt ginn net genuch a Schutz geholl.

Doduerch dass Fraen, notamment elengerzéiend Fraen, zu Lëtzebuerg am meeschten dem Aarmutsrisiko ausgesat sinn, ass et fir si ëmsou méi schwiereg aus enger Gewaltsituatioun doheem ze flüchten. Wou soll si hin wa keng Plazen an de Foyere fräi an d'Logementspräisser horrend deier sinn?! Obwuel Lëtzebuerg d'Istanbul Konventioun ratifzéiert huet, ginn d'Fuerderungen aus dëser Konventioun net systematesch an d'Lëtzebuergescht Rescht integréiert an ëmgesat. Zu de Fuerderunge gehéiert notamment de Schutz vun Affer vun haislecher Gewalt.

D'Police an d'Justiz si selwer Acteure vu Gewalt an Diskriminatioun.

Mir brauchen eis keng Illusiounen ze maachen – zu Lëtzebuerg ass d'Justiz leider méi de Garant vun engem sozialen Uerden an de Verdeedeger vun der Muecht eléi vu Gerechtegkeet. A Fäll vun haislecher Gewalt oder am Fall vun engem Feminizid feelt et u spezifesche Gesetzeslagen déi des Gewaltdoten déi virun allem Frae betreffen, als eng spezifesch Form vu Gewalt beurteelen. Et feelt hei u Kompetenze fir gendergerecht Urteeler a Sanktiounen ze fällen.

Et gëtt keen anstännege System fir Plainten opzehuelen.

Mee bis et iwwerhaapt zu engem Prozess kënnt, muss fir d'éischt eng Plainte deposéiert ginn bei der Police an da muss déi Plainte och ugeholl ginn. Do scheitert et scho meeschtens beim éischte Schratt. Och d'Police huet d'Kompetenzen net fir mat Affer vu sexueller an haislecher Gewalt ëmzegoen. Am Fall vun haislecher Gewalt kréie vill ze vill Plaintë keng Suite.

Fir säi Rescht kämpfen huet en deiere Präis.

Wann ee net just grad de REVIS als Revenu huet, huet een zu Lëtzebuerg kee Rescht op eng gratis Assistance judiciaire. Dat heescht, dass een seng Affekoten a Geriichtskäschten aus eegener Täsch muss bezuelen. Dat féiert dozou, dass Leit hir Plainte entweder fale loossen oder sech verschëlden. Dat ass eng supplementär Form vu Gewalt déi och hei vum Justizsystem ausgeet. Besonnesch a Fäll vu Scheedungen am Kontext vun haislecher Gewalt ass et wichteg dass d'Affer ee Rescht op eng gratis juristesch Berodung a Verdeedegung kritt, fir sech esou schnell wéi méiglech kënnen ze trennen.

Fir LGBTIQ+ Persounen gëllen net déi selwecht Rechter wéi fir jiddereen.

Sou hunn zum Beispill gläichgeschlechtlech Koppelen keen effektiven Zougang zum sougenannten extraordinäre Congé direkt no der Gebuert vum Kand. De Partner oder d'Partnerin misst dofir als zweeten Elterendeel unerkannt ginn, mee soulaang dofir d'Filiatiounsgesetz net geännert gëtt, musse si wuel weiderhin d'Kand adoptéieren fir Rescht op de Congé extraordinaire ze kréien.

Eis Virschléi.

Eng Justiz am Déngscht vun de Leit an der Gerechtegkeet.

Jidderee soll onofhängeg vu sengem Statut a sengem Revenu *Zougang zu Informatiounen a rechtleche Mëttel* kréie fir sech kënne viru Geriicht ze verdeedegen a seng Rechter akloen.

Ee Kadergesetz fir Fraen an LGBTIQ+ Persounen effikass viru Gewalt ze schützen.

Mir wëlle prioritär dofir suergen dass de rechtleche Prozess fir Affer vun haislecher Gewalt *gerecht verleeft* an d'Sanktioune fir d'Täter adaptéiere fir den Affer souvill Schutz wéi méiglech ze bidden.

An dësem Kader Gesetz gesi mir och méi Mëttel fir sexuell Erzéiung fir an obligatoresch Formatiounen am Beräich vun der Genderegalitéit fir Enseignant'en, Beamten um Etat civil a Policebeamte vir.

D'Aschreiwung vum Feminizid an de Code penal.

De Feminizid ass d'geziilt Ermordung vu Fraen, meeschtens duerch hire Partner oder Ex-Partner a kann doweinst *net einfach gläichgestallt gi mat engem Homicide.*

Duerch d'Androe vum Feminizid an de Code Penal kënnen Ongläichheeten tëscht Fraen a Männer déi zu Gewaltdote féieren am Geriichtsprozess thematiséiert an eescht geholl ginn. D'Täter an hir Affekote kënnen sech da net méi hannert dem Virwand vu Kontrollverloscht a Jalousie verstoppe wéi et elo nach sou oft de Fall

Eng „Co-parentalité de fait" fir gläichgeschlechtlech Koppelen.

déi Lénk wëllen dass de Partner oder d'Partnerin an enger gläichgeschlechtlecher Koppel *automatesch als zweeten Elterendeel* unerkannt gëtt an net méi iwwert d'Adoptioun vum Kand muss fuere fir dat Recht ze kréien. Mir wëllen och de Congé extraordinaire (ex-congé de paternité) vun 10 Deeg duerch ee Congé de naissance vun 3 Méint ersetzen.

www.dei-lenk.lu